



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de la Santé

**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Gesondheitsministesch an dem Här Sportsminister op d'parlamentaresch Fro n° 5621 vum 31. Januar 2022 vum honorabelen Deputéierten Här Jeff Engelen.**

Den zäitleche Verlaf vun deene Covid-19-Fäll, déi potentiell a Relatioun mam Sport stinn, war ähnlech wéi dat an der genereller Bevëlkerung den Fall war, mat Héichpunkten am Hierscht 2020 an am Hierscht 2021.

Vu datt et sech hei ëm eng relativ geréng Zuel vun Fäll handelt, an datt den Sport an dësen Fäll just als potentiell Infektiounsquell kann betruecht ginn ouni datt et dofir eng eendeiteg Confirmatioun gëtt, ass et net méiglech eng méi detailléiert epidemiologesch Analys ze maachen. Et leien dem Contact Tracing weider keng Detailer vir ob et bei dësen Fäll eventuell méi schwéier Verleef gouf mat gegebenefalls Hospitalisatiounen. Et kann een awer dovunner ausgoen, datt et sech bei dëse Fäll virun allem ëm jonk Sportler an Sportlerinnen handelt, bei deenen de Risiko vun engem schwéieren Verlaf souwisou méi geréng ass.

Lëtzebuerg, den 25. Februar 2022

D'Gesondheitsministesch

(s.) Paulette Lenert